


70 Joer, '3x Lëtzebuerg'... jo an?

vum Lex Roth

Dat war 1941. Deemools hat eist aremt kleespert Vollek de preisesche Strack ëm den Hals, nodeem Lëtzebuerg zënter dem 10. Mee 1940, grad ewéi déi aner Länner rondrëm vum Nazi-Wouscht iwwerrannt gi war. **Deen Horror huet gedauert bis 1944 resp. 1945**, mä vum éischten Dag un, esouguer ewell géint d'Enn vun den 30er Joeren huet sech d'Resistenz vun de Lëtzebuerg gëint dee bronge Pak forméiert, z.B. am Kolléisch zu lechternach (LPL); natierlech muss een déi opfälleg grouss **'Centenaire-Feieren (1839-1939) uechter d'Land** och an deem Sënn gesinn. D'Nazi-Wolleken hongen do... si sinn äis op de Kapp gefall!



Lëtzebuerg war en international unerkannte Staat, grad ewéi alleguer déi rondrëm; mä **eis 'Frënn vun deer anerer Säit' wollte just aus äis Däitscher maachen an d'Lëtzebuerg 'Heim ins Reich' féieren**; 'Reichsdeutsche' sollte mir ginn! Fir d'éischt guff gelackelt, dunn ower gelëmmelt an zugudderlescht mat alle Mëttelen terroriséiert... et huet näischt gedéngt; de Lëtzebuerg Klatzkapp kruten si net kleng. 1945 huet keen heibannen a keen dobaussen, wéi z.B. 1919, méi dru geduecht, de Grand-Duché ze verschnëppelen an d'Stëcker als Stëbsecken un d'Belsch oder Frankräich ze pechen! Wat 1867 zu London just um Papeier vun de 'Groussmuechte' festgehal gi war, huet eist Vollek duerch seng **individuell a kollektiv Resistenz** mat sengem Leed, der schrecklecher Péng an dem Häerzblutt vun senge Beschten ee fir allemol selwer ënnerschriwwen! Wéi ass et mat eiser 'mémoire collective'?

Den Nazi-Chef vun der 'Zivilverwaltung' hat mat senge Gielemännercher, wéi bei Kanner mat Marzipan, Schockela an Zockerstaangen alles probéiert, fir dem Himmler an dem Hitler **déi verbriet 'Lützelburger' als Dëlpessen op engem gëlle Plateau** ze offeréieren; seng Blamage war den 10. Oktober 1941 dann och deemno komplett, an déi schreckleche Reaktioun vun deem frustréierten Hermeskeiler Gnom huet mengerwäreng net op sech waarde gelooss!

Déijéineg, déi sech nach perséinlech gutt un dat Ganzt erënneren, sinn ëmmer méi dënn geséint, well si jo alleguer wäit iwwer 80 Joer hunn... mä ass dat **eng Ursach, fir e Resistenzakt vun eisem ganze Vollek un d'Verblatze kommen ze loosse**? Et kënn een sech a kéngen Dräm den 10. Oktober esouguer als eisen eenzeg wierklech vum ganze Vollek verdéngten 'Nationalfeierdag' virstellen; dat soll weessgott näischt géint eis héich respektéiert Dynastie an déi immens Verdéngschter vun der Grande-Duchesse Charlotte heeschen, deer hire Gebuertsdag (23. Januar) jo d'Basis vum Feiertag ass, dee wéinst de Wiederverhältnesser an de 60er Joeren op den 23. Juni verluecht ginn ass... heescht jo ower haut och offiziell 'Nationalfeierdag / Fête nationale'! 'Journée de la Commémoration nationale'?...frot emol déi ënner 60 Joer...

Bei der Erënnung un den 10. Oktober 1941 spillt een Element mat Sécherheet **eng Haaptroll: Eis SPROOCH!** D'Nazien haten dat, wat ee 'Fangfragen' nenne kënn, ganz genëschelt an eng onschëlleg 'Personenstandsaufnahme' gewéckelt, fir d'Lëtzebuerg nun emol... ze wéckelen. Zesoe reng 'niewelaanscht/zoufälleg' sinn an déi 11 Froen aus deer sabbeleger Mëllechzëppchen esou kleng Dommheete wéi 'Staatsangehörigkeit, Volkszugehörigkeit a MUTTERSPRACHE' gegrimmelt gewiescht. Virdu war de Leit op all Manéier gedreet ginn, wat si 'im Falle wo' geng erwaarden. Wéi d'Fatzbeidelen an der Woch virdrun op Prouf eng Partie Ziedelen agesammelt hunn... haten do méi ewéi 98 % ganz einfach **3x Lëtzebuerg** geschriwwen... a mam vollen Numm ënnerschriwwen. Dee Courage muss een sech emol ënnert deenen doudgefëierlechen Ëmstänn virstellen!!!

Domat kënne mir ouni Kéier a Krëmmel behaupten, dass eis Sprooch vum Vollek gewielt an e Stéck vun äis ass... mä ass een dann net 'Nationalist'?

de Professor Henri KLEES

ass vrun e puer Méint an d'Éiwegkeet gaang. Him verdankt eis Sprooch vill méi wéi déi meescht wëssen... well de Kolleg Heng war e 'rouege Schaffert', deen dem Lëtzebuergesch an senger Wëssenschaftskabaischen Dëngschter geleescht huet, vun deene mir all an nach laang profitéiere wäerten: **en immenst Beispill ass säi Buch mat de lëtzebuerg Planzennimm**, déi hien an hirem Zesammenhank mat de franséischen, den däitschen an dem wëssenschaftlechen (laténgesch aus der 'nomenclature Linné') an de Publikatioun vum 'Institut grand-ducal' erausginn huet; leider ass dat ewell vill ze laang vergraff.

Fir den Henri Klees ze éieren, wier et wierklech fein, wann deeselwechten Institut **dat Wierk giff endlech nei editéieren!** Schlësslech war de Spezialist Klees jo och laang, nieft senger Aarbecht als Dozent am 'ISERP', Sekretär vun der Sprooch-Sektioun an deem Institut.

D'Actioun-Lëtzebuergesch, déi him op seng perséinlech Manéier um Häerz long, seet dem Här Klees merci fir seng Verdéngschter an der Famill hirt éierlecht Bäileed.

EISES...

Et ass bestëmmt **net vu Muttwëll, a bewosst spaasseg, wa mir hei an der KLACK eiser Ausdréck bréngen**, mat deenen een am Ausland net wäit giff lafen. Dat seet - ëm Gottesbideswëll! - näischt géint eng aner Sprooch a riicht sech esouguer no deer **'kultureller Diversitéit', op déi jo och d'UNESCO an eis Europäesch Unioun déck Stëcker halen...** qu'on se le dise!

Denkt emol iwwer dës zwéi klenger Sätz no: **Wann d'Frae samschdes den hëlze Buedem propper gemaach a gewicht haten, da sinn si mam schwéiere Bëlles driwwer gefuer, fir e blénkeg ze kréien; déi Bëllesse vu Männer hunn si domat gewäerde gelooss.** De Jang hätt dee Këppche Wiss nieft sengem Haus gär gehat, mä de Pier hat sech deen ewell genëschelt **genopert**... Vlächicht fannt dir dës an aner Wieder an eiser Sammlung EISES (5000 Ausdréck!), déi dir op den Adressen hei an der KLACK kënn kréien.

Queesch!

Et gëtt deer Leit, wou een sech heiansdo freet, ob si sech selwer riche kënnen, well si an engem Stéck un allem knouteren a knadderer, wat anerer maachen, wa méiglech och nach schéi feig anonym! Vu sech hunn si näischt opweises bis op... hir queesch Reaktiounen, déi dann och nach dmeescht nieft dem Dill sinn. Si verdréinen engem d'Wieder bewosst zynesch am Mond (oder um Bic) a kréien da Knuffefreed, hir eege queesch Behauptungen auserneenzeplättelen. Wien dogéint ass, dass mir muttwëlles däitsch Wieder huelen, wou d'Lëtzebuergesch seng Ausdréck huet... deen ass an de 'Queescherten' hiren Ae géint d'däitsch Sprooch, basta. Nix da!

Firwat geet et an deem Sënn bal ëmmer ëm iwwerflësseg däitsch Ausdréck? Mä well déi aner Sproochen, bis op e bësse Franséisch, dem Lëtzebuergesch net wéi dinn; dat 'hunnewutzen' Englesch deele mir mam 'Franglais' a mam 'Denglich'. D'Schoul, d'Press, de 'Fernseh' vun do iwwer' krazen, stëppelen, réffelen a schappen esou um Fong vum Lëtzebuergesch, dass kee Verglach mat soss enzwou méiglech ass... op dat elo enger Botschaft oder däitschen Unisproffe passt oder net.

De Problem fir d'Lëtzebuergesch vis-à-vis vum Houdäitschen ass esou kloer, wéi en et net besser kënn sinn. Eis Sprooch ass eng germanesch a grad esou no beim Thomas Mann senger wéi d'Niederlännescht, 'keine Frage', an dat ass mengerwäreng keng Schan! Et fällt ower kengem an, ze soen, d'Hollännescht wier en 'däitschen' Dialekt... et ass e germanesch-nordfränkischen Idiom... woubäi erëm dat 'Fränkesch' dacks ze enk an der Géigend vu Frankfurt gesi gëtt. Firwat heescht Frankräich dann am Fong Frankräich?

Den Tit SCHROEDER

Gebuer 1911 zu New York, an 1920 nom Doud vu senger Mamm mam Papp erëm hannescht op Useldeng komm. Hien ass **ee vun deene feinste Schreiwerten an Dichter a Lëtzebuerg Sprooch**. Den T.S. war Professor am LGL um Lampertsbiereg an, no de Spezialiste Fernand Hoffmann, Joseph Groben, Jean Rinnen, ee vun de beschte Lyriker, déi eis Sprooch nieft Talenter wéi dem Marcel Reuland oder dem Jos Keup opweises huet.

Seng Heemechtsgemeng éiert hien haut op den Dag mat enger intressanter a feierlecher Sëtzung, enger Ausstellung (ë.a. iwwer d'Auswanderung an d'USA), a mat engem Büst op deer Plaz ënnert dem Schlass, déi vun elo un dem Dichter säin Numm dréit. Jiddereen ass häerzlech invitéiert.

Déi komplett Sammlung vu senger lyresche Gedichter ('De gaunze Wee', Spezialeditioun 2011, zesumme mat der Actioun-Lëtzebuergesch) ass och an engem Buch mat senger Biographie an Illustratiounen iwwer d'Auswanderung an seng Zäit ze kréien; et ka portofräi mat der Iwwerweisung vu 24 € beim Syndicat Useldeng bestallt ginn. (CCPL LU41 1111 0167 4965 0000).

Plättercher?

Dat ass dach Däitsch. Stëmmt schon, ower **net an eisem Gebrauch!** Si leeë keng Plättercher a peche keng un eng Mauer; dat sinn héchstens Platten oder Kacheln; mir schwätzen nëmme vu Placken a Plättercher, denken ower net un den Ënnerscheed. Wéi nenne mir de 'Kachelofen'? Dat giff e 'Plätterchesuewen', sou wéi mir de 'Plätterchesleeërt / Plätterchesbuedem' gebrauchen. Fir déi Dénger ze leeën, brauche mir och (ausser dem 'Coll') kee Mörte, mä eng gutt... Speis... déi erëm näischt mat 'Speise' ze dinn huet. Beispiller ënner Honnerten, wou ee 'mengt'. **Nodenken** ass besser, well 'wien nëmme mengt, dee weess näischt' ☺.

Eise 'Futur'

Mir kënnen äis nach erënneren, wéi ee sech am Franséische mat de 'Stammzäiten' huet misse ploen; fir d'Joergäng, déi an der Preisenzeit bis 1945 kee Franséisch an der Schoul matkritt haten, ass et eng richtig Schmot gewiescht... ower et guff duerno **méi geschafft wéi 'pädagogesch' rondrëm de Bräi gefuer!** De 'Futur' war dacks dat Allerschlämmst; mat vill 'Béchsen', Exercicen an Traduktiounen ass et ower gaang. Am Däitschen ass et méi lüch gewiescht; am Englesche war de Futur mat 'will' aus an un.

Am Lëtzebuergesch huet am Fong kee Krämpes mat deer zackerdjëssen Zäit. Do seet iergend en Zätausdruck, wat kënn: *herno, den Owend, muer, déi aner Woch, an enger Minutt*... Wann elo ee mengt, hie misst mat 'wäert' e Lëtzebuerg Futur erausbrueden, dann huet e kee Gespier fir Bedeitungen, oder hie gëtt senger Iwwersetzung aus däitschen Texter net lass. 'Hie wäert kommen', dat läit zwar am Futur, mä et **ËNNERSTRÄICHT** just, dat hie kënn oder soss eppes 'bestëmmt' geschitt, e 'reinforcement' wéi dat poléiert giff heeschen; 'ech wäert dir et soen', domat dreet een engem souzesoen, mä mir brauchen et absolut net fir e lëtzebuergesche Futur. Leider schéngt deen Ëmstand esouguer op eiser Uni net bekäppt ze sinn! Dat ass ower kee Wonner, well...

Fir d'70 Joer vun der Nazi-'Personenstandsaufnahme', alias 'Referendum' iwwer eis 'Volks-/Staatszugehörigkeit an d'Sprooch huet de Conseil pour la langue luxembourgeoise ënnert der Autoritéit vun de Ministeschen Octavie MODERT a Mady DELVAUX d'Initiativ fir **eng Konferenz mam Top-Spezialist Professor Dr. Paul DOSTERT** Direkter vum 'Centre de documentation et de recherche sur la Résistance' geholl. Déi intresséiert Leit sollen sech den **Donneschdeg, 13. Oktober, 19.00 Auer** am Centre Neimënster / Sall Edmond Dune notéieren.